PIRATEN

Sensibilité politique
Boîte postale 83
L-7201 Bereldange

Fernand ETGEN
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 08/02/2019

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Finanzen & Aarbecht weiderzeleeden.**

Am groussherzoglechen Arrêté vum 11. August 1974 gi Firmen opgelëscht, bei deenen de Staat méi wéi 25% vum Kapital hält. Nom Artikel L.426-1 (2) vum Code du travail mussen d'Entreprisë vun dëser Lescht e Member vun der Personaldelegatioun an de Verwaltungsrot integréieren. No Medieberichter vum Radio 100,7 ass dëst awer – zumindest an der Vergaangenheet – bei Luxtram S.A. net de Fall gewiescht an och 17 weider Gesellschafte ginn, obwuel de Staat méi wéi 25% vum Kapital vun dëse Firmen hält, net am groussherzoglechen Arrêté vum 11. August 1974 opgelëscht.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

- Kënnen d'Ministeren d'Informatioune vum Radio 100,7 confirméieren?
- A wéi vill Firmen hält de Staat 25 oder méi Prozent vum Kapital? Bei wéi villen dovunner ass e Vertrieder vun der Personaldelegatioun am Verwaltungsrot? Bei wéi engen net?
- Wéi vill Firmen, a wéi eng, hunn zwar e Member vum Personal am Verwaltungsrot, mee sinn net am groussherzoglechen Arrêté vum 11. August 1974 opgelëscht?
- Wéi kann et sinn, datt Firmen, an deene Vertrieder vum Staat am Verwaltungsrot setzen, well se 25 oder méi Prozent vum Kapital representéieren, sech net u geltend Gesetzer wat d'Vertriedung vum Personal am Verwaltungsrot ugeet halen?
- Sinn d'Ministeren der Meenung, datt de Staat als bedeitenden Aktionär bei dëse Firmen intervenéiere muss, fir esou séier wéi méiglech eng Konformitéit mam Gesetz hierzestellen? Wéi séier kann dëst geschéien?
- Wéi gesinn d'Ministeren dëse Verstouss géint d'Aarbechtsgesetz virum Hannergrond vun de Sozialwalen vum 12. Mäerz?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Député